



Rapport Referees' Commission - 20.04.2021

Present : Courtois, Frieden, Geib, Keiffer F., Kröpelin, Nesser, Simonelli, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Frieseisen

- 1) **Wéinst den aktuelle Restriktiounen ass d'Versammlung iwwer Video gehale ginn.**
- 2) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 16.03.2021.**
- 3) **Cours supérieur 12. + 19.06.2021:**
Den ENEPS huet d'Datumer fir d'Suite vum cours supérieur bestätegt. Den 12. an den 19. Juni 2021 sinn 2 Formatiounen am INS firgesinn. Mat Hëllef vum Sportslycée kann déi Formatioun trotz de bestehende Oplage gehale ginn. De Laaftest ass och fir den 12. Juni programméiert.
- 4) **Formatioun FLH Final 4 :**
Well den FLH Final4 op 2 Weekender opgedeelt ass, get den Opwand fir een EHF-Lekturer kommen ze loosene, ze grouss. D'Refcom ass am Gaagen eng Video-Formatioun mat engem EHF-Lekturer opzebauen.
- 5) **Uniforme fir d'Arbitter :**
Fir d'nächst Saison kënnst eng (1) nei Uniform fir d'Arbitter dobäi. D'Refcom huet sech op schwarz geeenegt. Déi gro, giel a mauwe Uniforme blaiwen aktiv. All Arbitter soll seng Gréissten eraschécken.
- 6) **CA an EHF Arbitter :**
D'Refcom huet d'Diskussioun tëschend dem CA an den EHF Arbitter notéiert an ass natierlech bereet fir een Austausch (CA – Arbitter – Refcom) soubal een Datum festlaid.
- 7) **Remise de match – Arbitter testen :**
Falls e Match verluecht gët, ginn déi respektiv Arbitter an d'Reserve gesaat, a mussen sech dowéinst och teste loosene.
- 8) **Arbitter an Reserven-Arbitter FLH Final4 :**
*D'Refcom wëll nach eng Kéier präziséieren, dass d'Arbitter och fir den FLH Final4 musse getest ginn. Déi verschidde Koppele sinn iwwert déi genee Procedure informéiert ginn.
Fir d'Final ass d'Reserve-Koppel gefroot och minimum 45 Minute virum Match an der Coque ze sinn. Fir d'hallef Finalen ass d'Presenz vun der Ersatzkoppel nët néideg.*

Nächst Refcom de **01. Juni 2021** ab **17h30** zu Stadtbredimus